

## Dossier 4

### Kultur: Theater a Film

---

■ De Kommentar zum Dossier 4

■ Héierverstoen

- De Superjhemp

■ Liesverstoen

- D'Webserie W

■ Mëndlechen Ausdrock

- Exposé iwwert en Theaterstéck

■ Schrëftlechen Ausdrock

- Filmkritik

■ Literatur

- Dicks, Mumm Séis

■ Sprooch

- Literaresch Adaptatioune fir den Theater

# Kommentar Dossier 4

## Theema: Kultur

### Ënnertheemen: Theater a Film

#### Léierziler:

- méi e laangen Artikel / eng Rezensioun verstoen
- wichteg Punkten aus engem Virtrag notéieren a resuméieren
- e kuerze Virtrag iwwert eng Persoun oder eng Produktioun aus dem Theater- oder Filmberäich preparéieren a mëndlech presentéieren
- d'Handlung aus engem Film oder enger Serie detailléiert beschreiwen
- eng perséinlech Bewäertung ginn a begrënnen

#### Beschreibung vum Inhalt vum Dossier

Als Astig an de Beräich Film zu Lëtzebuerg eegne sech déi zwee Lauschertexter iwwert de *Superjhemp*. Als Liestext gouf en Artikel zu der Webserie *W* didaktiséiert, op deem een duerno iwwergoe kann. Ofschléissend kann een dann als schrëftlech Produktioun eng Filmkritik (vun engem Film, engem Kuerzfilm oder enger Serie) mathëllef vun engem Scaffolding schreiwe loossen.

Wat den Theater betrëfft, gëtt et am *Volet Sprooch* en Interview mam Ian De Toffoli zum Theema Theateradaptatiounen an am *Volet Literatur* gëtt um Beispill vum Dicks (Edmond de la Fontaine) op déi laangjäreg Lëtzebuenger Theaterproduktioun higewisen. Fir déi mëndlech Produktioun gi Riedmëttelen an eng Struktur ugebueden, fir eng Presentatioun iwwert en Theaterstéck ze maachen. Eng aner Méiglechkeet fir eng mëndlech Produktioun ass eng Dokumentatioun iwwert d'Aarbecht vun engem Lëtzebuenger Schauspiller oder Regisseur zu Lëtzebuerg oder am Ausland. Hei weist e Mustertext, wéi déi Presentatioun kann ausgesinn.

#### Zousätzlech Iddien

Als weidere Liestext kann en Artikel/eng Rezensioun zum Film „Superjhemp Retörns“ behandelt ginn: *Kachkéis a(n) (Nation) Branding – De Phänomen Superjhemp ënnert der kritescher Lupp* ass en Artikel vum Jeff Schinker, deem de 7. Dezember 2018 am Tageblatt publizéiert gouf.

De Jeff Schinker huet aus den Ufanksbuschtawe vu „Superjhemp Retörns“ Stéchwierder gemaach, zu deenen hien ëmmer e Kommentar gëtt. Verschidden Inhalter kann ee verstoen, ouni de Film gesinn ze hunn, anerer net. D'Léierpersoun ka verschidde Stéchwierder eraussichen an a Gruppen zum Beispill de Vocabulaire vum respektiven Artikel kläre loossen, driwwer diskutéieren, analyséieren, ob et negativ oder positiv ass, argumentéieren, firwat een dat mengt. Duerno kënnen déi verschidde Gruppe sech ënnerteneen austauschen oder am Plenum driwwer schwätzen. D'Léierpersoun kann och Riedmëttelen ubidden, fir deem een oder aneren Artikel zu engem Stéchwuert presentéieren ze loossen. Weider flott Informatiounen iwwert de Superjhemp fënnt een am Konterbont 02/2018.

## Aner Theemen, déi am Kader vun dësem Dossier kéinten interessant sinn

D'Theater- a Filmwelt zu Lëtzebuerg ass ganz räich a villfälteg. Natierlech bitt sech an dësem Kader eng Visite guidée vun engem Theater (hannert de Kulissen) oder eng Opféierung vun engem aktueller Stéck un. Extraiten aus Cabaretsstécker kënnen och ganz interessant sinn. Heibäi sollt een awer net vergiessen, datt dacks gutt Sproochwëssen a Wëssen iwwert déi politesch Aktualitéit virausgesat sinn, fir den Humor an d'Wuertspiller ze verstoen.

Et sollt een och drun denken, déi behandelt Filmer (sief et de Superj hemp oder en aneren) ganz ze kucken an och déi eng oder aner Episod aus de Serien ze weisen. Am Konterbont 02/2020 mam Thema Film zu Lëtzebuerg fënnt ee vill interessant Artikelen, déi bei dësem Dossier passen.

Bei RTL an um Radio 100,7 fënnt ee vill Reportagen an Emissiounen, déi mat Kultur ze dinn hunn. Hei ass eng kleng Auswiel:

D'Thema Iwwersetzungen an Adaptatiounen am Theater kéint ee mat engem kuerze Reportage iwwert eng Adaptatioun vum Märche *Rabonzel* illustréieren:  
<https://play.rtl.lu/shows/lb/journal/episodes/r/3189149>

Review - *De kritesche Kinospodcast*:  
<https://www.rtl.lu/radio/review-de-kritesche-kinospodcast>

Emissioun *Hanner de Kulissen*:  
<https://www.100komma7.lu/show/747/rss>

Emissioun *Grousse Kino*:  
<https://www.100komma7.lu/program/emission/grousse-kino>

*No art on air*: <https://play.rtl.lu/shows/lb/no-art-on-air/episodes>

*Podpurri – Mir schwätze Kultur*:  
<https://play.rtl.lu/shows/lb/podpurri-mir-schwaetze-kultur/episodes>

Ausserdeem ass de CNA (Centre national de l'audiovisuel) - Luxembourg eng interessant Ressource fir alles, wat mam audiovisuelle Medium zu Lëtzebuerg ze dinn huet.

D'Buch *D'Stater Kinoen – Eine Kinogeschichte der Stadt Luxemburg* (hei eng Virstellung dovun op Youtube: <https://www.youtube.com/watch?v=mTeCrOkI5Qo>) gétt en interessante Abléck an d'Geschicht vun de Kinoen aus der Stad.

## Grammatesch Punkten

Am Kontext vun dësem Dossier kéint een op de Prinzip an d'Wichtigkeet vun der Betounung bei den trennbaren an net trennbare Prefixe bei Verben agoen. Am Dossier kommen zum Beispill dës Verbe vir: usetzen, ëmsetzen, ervirhiewen, verfléien, entféieren, opdecken, beweisen, ofhalen, oprechterhalen ...

### Impressum

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? B2

Dossiere 4 - 6

INLL – Institut national des langues Luxembourg, Lëtzebuerg, Mäerz 2023



All d'Materialien (Texter, Illustratiounen, Fotoen an Tounopnamen) dierfe fir Unterrechtzwecker kopéiert a verwäert ginn, wann d'Quell ugi gëtt. Se dierfen net zu kommerziellen Zwecker benotzt ginn.

Fotoen, Texter an Tounopnamen, fir déi den INLL d'Benutzungsrechter vun anere Persounen oder Organisme kritt huet, dierfen net weiderverwäert ginn.

Auteuren: Angie Gaasch, Jackie Messerich (INLL)

Berodung: Claudio Nodari (Institut für Interkulturelle Kommunikation, Zürich)

Relecture: Danny Leyder, Isabelle Simon (INLL), Myriam Welschbillig

Korrektorat: Myriam Welschbillig

Illustratiounen, Layout: lex&pit weyer créations et publicité

Tountechnik: IP Luxembourg

Administrativ Koordinatioun: Joëlle Hentges (INLL)

Ënnert der Leedung vun der Direktioun vum INLL: Maisy Gorza

E grouse Merci un all déi Persounen, déi matgeholfen hunn, dës Projéit ze realiséieren.

ISBN 978-99959-40-07-2



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse


# De Superjhemp, eng Erfollegsgeschicht

1. Sicht am Internet Informatiounen iwwert de Superjhemp. Deelt Är Informatiounen mat der Klass, andeems Dir se an de Padlet post, deen Är Léierpersoun preparéiert huet.



Informatiounen fir d'Léierpersoun:

Gitt op [www.padlet.com](http://www.padlet.com) a kreéiert e Padlet no dësem Modell:



2. Kuckt a lauschtert d'Presentatiounen vun deenen zwee Reportagen iwwert de Superjhemp (ongeféier déi éischt 30 Sekonnen).



Quell: RTL, De Magazin, Superjhemp retörns, 16.04.2020

Quell: RTL, De Magazin, Péckvillecher am Superjhemp-Look, 24.10.2019

3. Ëm wat geet et an deenen zwee Reportagen? Wat fir weider Informatiounen erwaart Dir Iech an deenen zwee Reportagen? Wat fir Theeme ginn Är Meinung no ugeschnidden? Diskutéiert a kleng Gruppen.

4. Liest elo d'Instruktiounen an der Këscht a befollegt se Schrëtt fir Schrëtt, fir mat deenen zwee Reportagen ze schaffen.

I. Deelt d'Klass an zwou Gruppen A a B.

a. D'**Grupp A** kuckt de Reportage iwwert de Superjhemp-Film an d'**Grupp B** kuckt de Reportage iwwert d'Superjhemp-Péckvillecher. D'Reportage kënnen méi wéi eng Kéier gekuckt ginn. Notéiert Stéchwierder zum Opbau an zum Inhalt. Orientéiert Iech dofir un dëse Froen:

Aus wat fir Deeler besteet de Reportage?

Wéi ass en opgebaut?

Wat fir Theeme ginn ugeschwat?

Wie kënnst du Wuert?

Wat sinn déi wichtegst Informatiounen?

*b. Preparéiert an Äre Gruppen e Resumé vum Reportage. Benotzt dofir verschidde vu dëse Sätz a Sazufäng:*

Mir hunn de Reportage ... gekuckt.

An deem Reportage geet et ëm ...

Fir d'éischt héiere mir ...

Duerno gëtt ... gewisen.

No engem klengen Auszuch aus dem Film ...

No engem klengen Interview mam Kënschtler ...

Ausserdeem gi mir gewuer ...

Zum Schluss gesi mir ...

De Reportage schléisst of mat ...

*II. Maacht elo Zweeër-Gruppen (ëmmer eng Persoun aus dem Grupp A an eng Persoun aus dem Grupp B).*

*a) Fir d'éischt presentéiert d'Persoun aus dem Grupp A mëndlech hire Resumé. D'Persoun aus dem Grupp B lauschtert no a kann eventuell nach weider Froe stellen.*

*b) De Reportage A gëtt elo zesummen an der Klass gekuckt. Duerno kommentéiert d'Persoun aus dem Grupp B de Resumé, dee si virdrun héieren huet, a gëtt der Persoun aus dem Grupp A e klenge Feedback. Orientéiert Iech dofir un dëse Froen:*

Huet de Resumé Iech gehollef, de Reportage ze verstoen?

Waren all déi wichteg Informatiounen am Resumé?

Wat fir Informatiounen hätt Dir nach an de Resumé integréiert?

*c) D'Persoun aus dem Grupp B presentéiert mëndlech hire Resumé. D'Persoun aus dem Grupp A lauschtert no a kann eventuell nach weider Froe stellen.*

*d) De Reportage B gëtt elo zesummen an der Klass gekuckt. Duerno kommentéiert d'Persoun aus dem Grupp A de Resumé, dee si virdrun héieren huet, a gëtt der Persoun aus dem Grupp B e klenge Feedback. Orientéiert Iech dofir un dëse Froen:*

Huet de Resumé Iech gehollef, de Reportage ze verstoen?

Waren all déi wichteg Informatiounen am Resumé?

Wat fir Informatiounen hätt Dir nach an de Resumé integréiert?

Reportage 1: Superjhemp Retörns	
erfollegräich	
Erfollegsgeschicht (f)	
reegelrecht	
Péckvillchen (m)	
eendeiteg	
Ëmwee (m)	
Superkräften (pl)	
geléngen	

Reportage 2: Péckvillercher am Superjhemp-Look	
Erfollegsgeschicht (f)	
e Rekord briechen	
Péckvillchen (m)	
Superkräften (pl)	
Vullejhemp (Eegennumm)	
héchstperséinlech	
kniwwelen	
verfléien (d'Zäit)	
um leschte Lach päifen	
ewechgoe wéi waarm Bréi- dercher	
aus der Hand rappen	
an d'Liewe ruffen	

## Reportage 1: Superjhemp Retörns

- 01 A mir bleiwen an der Lëtzebuenger Filmwelt a ginn iwwer bei dee bis  
elo erfollegräichste Lëtzebuenger Film vun allen Zäiten: de „Superjhemp Retörns“.  
Wéi dësen Enn 2018 an d’Kinoe koum, gouf et hei am Land e reegelrechten Hype  
ronderëm den nationale Superheld. Vum spezielle Kachkéis, Superjhemp-Busser bis  
05 hin zum passende Péckvillchen, dee bekanntlech a kierzester Zäit ausverkaaft war.  
Den Erfollegsfilm war iwwerall en Thema.  
Dëse Samschdeg feiert e seng Première op der Televisioun an am Virfeld dovunner  
huet de Jeff Spielmann op dem Superheld seng Erfollegsgeschicht zeréckgekuckt.

[Auszuch aus dem Film]

- Ronn 60.000 Kinosentreeën, Nummer 1 am Lëtzebuenger Boxoffice an dausende  
10 verkaaften DVDen – jo, et war tatsächlech eng reegelrecht Erfollegsgeschicht. Kee  
Wonner, de Film konnt a kierzester Zäit jiddereen iwwerzeegen. D’Reaktiounen  
deemools vun de Leit, déi en am Kino gesinn hunn, waren eendeiteg.  
- Mega, dee war einfach mega, dee Film!  
15 - Ganz gutt. Vill Klischeeë vu Lëtzebuerg goufe jo bedéngt, bis op d’belsch Plage  
esouguer!  
- Ganz gutt, exzellent!

[Auszuch aus dem Film]

- D’Geschicht ass séier erzielt. De Staatsbeamte Charel Kuddel fënnt iwwer Ëmweeër  
zeréck zu senge Superkräften a rett domadder Luxusbuerg virun enger kosmescher  
20 Katastroph an niewebäi och säi Familljeliewen.

[Auszuch aus dem Film]

- Fir ee vun den zwee Pappé vum Superjhemp war déi gréissten Iwwerraschung, dass hir  
BD et iwwerhaapt op den Ecran gepackt huet.  
[Lucien Czuga] Ech hätt ni geduecht, dass de Superjhemp eng Kéier richteg géif fléien.  
An datt se den Änder Jung derzou kruten, fir ze fléien, dat ass dat gréisste Wonner.  
25 Dem Regisseur Felix Koch a senger Ekippe ass et um Enn dann effektiv gelongen, e  
klengt Wonner op d’Been ze stellen, a wie weess, vläicht inspiréiert déi aktuell Kris  
jo de Superjhemp eng zweete Kéier, dat klengt Lëtzebuerg aus der schwéierer Zäit ze  
retten.

[Auszuch aus dem Film]

Quell: RTL, De Magazin, Péckvillercher am Superjhemp-Look, 24.10.2019



## Reportage 2: Péckvillercher am Superjhemp-Look

Et ass eng Erfollegsgeschicht, déi virun drësseg Joer ugefaangen huet, an en Enn schéngt net a Siicht: d'Geschicht vum Superjhemp. D'lescht Joer hu seng Aventuren am Kino bal all Rekorder gebrach. De Lucien Czuga, deen de Superjhemp zesumme mam verstuerwene Roger Leiner erfonnt huet, geet och ëmmer nach an d'Lycéeën an zielt de Jonken d'Geschicht hannert dem nationale Kachkéis-Held. A ganz aktuell däerf ee sech zanter Kuerzem iwwert en neit Stéck Superjhemp freeën: e Péckvillche mat Superkräften. Eng kleng Arméi vu Péckvillercher, an och net iergendeng, mee de Vullejhemp héchstperséinlech. De Marc Einsweiler hat d'Iddi; 275 Péckvillercher stinn elo prett fir d'Nouspelter Emaischen op Ouschterméideg. Un all eenzele Péckvillchen huet hien ongeféier zwou Stonne geschafft.

[Marc Einsweiler] Et gëtt gekuckt, ob se [d'Kap] dann och gutt sëtzt. Wa se da gutt sëtzt, da gëtt se da bësse méi fest dorobbergedréckt.

Vill laang Owenter huet hien un all klengem Detail gekniwwelt.

[Marc Einsweiler] D'Stonne sinn deelweis verflunn. Während dem Molen, dann hunn ech geduecht: A nee, komm, lo méchs de awer nach eng Kéier déi puer an dann déi puer an esou sinn dann d'Stonne verflunn, dass een alt esouguer heiansdo vergiess huet, eppes z'iessen.

De fäerdege Péckvillche gëtt an engem Kachkéisdéppche verkaf. D'Iddi vum Vullejhemp ass duerch en Zoufall entstanen.

[Marc Einsweiler] Ech hat guer keng Iddi am Kapp an dunn hunn ech geduecht: Da lees de mol lass. A wou ech du bis amgang war, hat ech dunn de Modell an du wollt ech em nach eppes op de Kapp maachen an du sinn ech op d'Iddi komm mat der Kap an dat huet mech dunn och un de Superjhemp erënnert. Ech hunn dunn och direkt a menge Bicher nogeschloen, wéi de Superjhemp ausgesäit, wéi ass seng Kap.

[Lucien Czuga] All Kap ass eenzel gemoolt ... wat net schwéier ass, well du wunns jo op der Cap!

[Marc Einsweiler] Dofir ass dat mer esou liichtgefall mat de Kape maachen.

Fir de Lucien Czuga ass et eng Freed, wann de Superjhemp ëmmer erëm op verschidden Aart a Weisen an d'Liewe geruff gëtt.

[Lucien Czuga] Et ass eng gewësse Bauchpinselei fir een, datt een esou vill Succès mat deem Personnage huet, deen ee virun 30 Joer erfonnt huet, wou een ni geduecht huet, dass dat eng Kéier géif kommen, awer iergendwann eng Kéier seet een sech: Wou hält dat op? The sky's the limit, wat jo och beim Superjhemp zimmlech normal ass.

Fënnef vun de Vullejhempe gi vum Lucien Czuga ënnerschriwwen a versteet. Den Erléis geet un d'Fondatioun Kriibskrank Kanner.

[Lucien Czuga] Et kann ee wierklech soen: De Superjhemp päift net um leschte Lach. Mir sinn och ëmmer ënnerschreiwe gaang, zum Beispill an d'Belle Etoile si mer ënnerschreiwe gaang bei den Zeitungsbuttek, an déi si wierklech ewechgaang wéi waarm Bréidercher, d'Leit hunn eis se aus der Hand gerappt, well et dat nach net gouf zu Lëtzebuerg. Et gouf keng Lëtzebuerger Mickymausen.

Fir dass de Superjhemp weiderliefert, suert de Lucien Czuga och selwer. Hie besicht scho säit ville Jore Schoulen an erzielt de Jonken, wéi hien an de Roger Leiner de Superjhemp an d'Liewe geruff hunn.

[Lucien Czuga] Ech wëll de Kanner matdeelen, datt et wierklech flott ass, wann ee selwer kreativ ass, wann een a sech selwer siche geet, wann ee selwer scho weess, dass een iergendwéi begaabt ass fir iergendeppes.

Hie ka sech nach ganz genau un dee Moment erënneren, wou de Superjhemp entstanen ass, e Moment, deen am Numm vun der Kreativitéit stoung.

[Lucien Czuga] Mir hunn deen am Laf vun engem Owend erfonnt. De Superjhemp an all seng Niewepersonagen. Dat war natierlech flott. Well s de dann eeben d'Kreativitéit spiers, du kanns se quasi gräifen dee Moment, wann s de der wierklech Méi gëss, fir eppes ze fannen.

E Film, Péckvillercher, Lycéestouren, d'Erfollegsgeschicht Superjhemp schéngt also bal keen Enn ze hunn.

Quell: RTL, De Magazin, Superjhemp retörns, 16.04.2020

## 4. Preparéiert an Äre Gruppen e Resumé vum Reportage.

### Resumé Grupp A: Reportage iwwert de Film „Superjhemp retörns“

Mir hunn de Reportage iwwert de Film „Superjhemp retörns“ gekuckt. An deem Reportage geet et ëm d’Erfollegsgeschicht vum Film, deem 2018 an d’Kinnoe koum. Fir d’éischt héiere mir e puer Zuelen, zum Beispill dass ronn 60000 Leit de Film am Kino gesinn hunn, duerno héieren a gesi mir Reaktiounen vun de Leit, déi de Film gesinn hunn. Si sinn zum gréissten Deel ganz positiv.

No engem klengen Auszuch aus dem Film gëtt d’Geschicht kuerz erzielt. Et geet ëm e Superheld, deem d’Land virun enger Katastroph rette soll. No engem weideren Auszuch aus dem Film gesi mer en Temoignage vum Lucien Czuga, engem vun de Pappes vum der Comic-Figur Superjhemp. Hien ass frou an iwwerrascht, dass hir Comicfigur den Held vun engem Film ass.

Zum Schluss gesi mer nach d’Ekippen ronderëm de Felix Koch, de Regisseur.

De Reportage schléisst of mat engem leschten Auszuch aus dem Film.

### Resumé Grupp B: Reportage iwwert d’Péckvillercher am Superjhemp-Look

Mir hunn de Reportage iwwert d’Péckvillercher am Superjhemp-Look gekuckt. An deem Reportage geet et ëm d’Produktioun vu Péckvillercher, déi ausgesi wéi de Superjhemp.

Fir d’éischt ginn d’Péckvillercher, déi prett fir d’Emaische sinn, gewisen. Duerno gesi mer de Kënschtler Marc Einsweiler bei der Aarbecht. Hien erkläert, wéi laang hien un all Péckvillerche schafft a wéi hien op all Detail oppasst. Hien erzielt och, dass déi Iddi, fir e „Vullejhemp“ ze maachen, duerch Zoufall entstanen ass. Fir dass de Péckvillerchen ausgesäit wéi de richteg Superjhemp, huet hien an de BDen nogekuckt.

Mir héieren a gesinn ausser dem Interview mam Kënschtler och de Lucien Czuga, ee vun de Pappes vum Superjhemp. Hie kommentéiert mat ville Wuertspiller dem Kënschtler seng Aarbecht. Ausserdem gi mir gewuer, dass de Superjhemp op vill Manéiere weiderlief, och well de Lucien Czuga selwer vill a Lycéeën geet, fir iwwer de Superjhemp ze schwätzen a fir déi Jonk ze encouragéieren, kreativ ze sinn.

Ofschléissend gëtt nach eng Kéier d’Erfollegsgeschicht vum Superjhemp ernimmt.

# W – Eng Webserie op Lëtzebuergesch


1. Kuckt d'Fotoen. Kennt Dir dës Serien? Kennt Dir aner Filmer oder Serien op Lëtzebuergesch? Deelt Är Informatiounen mat der Klass.



© Deal Productions



©samsa film



©samsa film



© Frédéric Zeimet

2. Liest den Artikel iwwert d'Webserie W an notéiert eng Iwwerschrëft fir all Abschnitt.

Webserie W:  
Vun Erausfuerderungen an Erkenntnisser fir déi zweet Staffel

Erënnert Dir Iech nach? Et si 6 kuerz Follge vu jeeeweils 10 Minuten. Si goufen op Facebook, Instagram a YouTube verëffentlecht an erzielen d'Geschicht vun enger Fra, déi ouni Erënnung am Bësch erwächt. D'Police reprochéiert hir eng ongeheierlech kriminell Dot, ma si weess guer näischt méi vun hirem Liewen. Esou decidéiert si, sech ganz simpel W ze nennen, an alles dorunnerzesetzen, de Fall opzedecken.

Elo gëllt et de Beamten ze beweisen, dass si net hir Kanner entfouert huet. Genee dat ass net esou einfach. D'W leit nämlech och un Hypermnesie an Hypersensibilitéit, huet Schwierigkeeten am soziale Beräich, wat op hir autistesche Entwécklungsstéierung, den Asperger-Syndrom, zeréckzeféieren ass.

Nodeems d'Webserie W mat engem sougenannte Cliffhanger opgehalen huet, probéiert d'Protagonistin, hir Famill erëmzefannen an de Schëllegen ze fänken.

Am Interview mat Six Letters huet d'Ekipp ganz beim Ufank ugesat. Éier et iwwerhaupt zur éischter Staffel koum, huet d'Iddi vun der Geschicht dem Lëtzebuerger Zenarist Frédéric Zeimet scho méi laang am Kapp ronderëmgedanzt. Mee a wéi enger Form sollt een déi komplex Handlung ëmsetzen?

D'Leit verbréngen ëmmer méi Zäit virum Handy a Computer, och d'Streamingdénkschter sinn zu Lëtzebuerg ukomm, an awer gëtt et just wéineg Lëtzebuerger Fiktiounsserien um Fernsee oder um Web. Wéisou also net eng Webserie lancéieren? „Mir waren eis iwwerhaupt net sécher, et war ee Bauchge-

fill a mir haten d'Gefill, dass mir et wéinstens sollte probéieren.“

Trotz finanzieller Ënnerstëtzung vum Film Fund war de Budget kleng. Op der Sich no Sponsoren ass d'Ekipp leider nëmmen op zoen Diere gestouss. Schliisslech konnt kee vu baussen sech eppes ënnert enger Webserie virstellen.

Steng an d'Féiss geluecht ze kréien, huet déi Bedeelegt awer net dovunner ofgehalen, hire Wee ze goen. Dëse war duerch déi geréng Hëllef zwar mat méi Stress verbonnen, an awer huet de Succès beim Publikum an op diverse Festivallen all Méi belount.

Och bei der zweeter Staffel wäerten déi kuerz Follgen op Facebook, Instagram a YouTube verëffentlecht ginn. Et bleift bei der Lëtzebuenger Sprooch. Ma déi soll awer nach méi ervirgehewe ginn. No der grousser Demande sollen, nieft franséischen an engleschen Ënnertiteln, och lëtzebuergesch Ënnertitele bäigefügt ginn. Dat hu sech besonnesch déi Leit gewënscht, déi grad eis

Sprooch léieren an duerch zousätzlechen Text d'Geschicht besser verstoe kënnen. Vläch ass déi Initiativ jo och mat internationalem Interessi un der Sprooch verbonnen.

Des Weidere soll Material vun hanner de Kulisse verëffentlecht ginn. Eng u sech scho spannend Geschicht ka mat dësem „Behind the scenes“ ëmsou méi lieweg gestalt ginn.

[...]

Dat grousst Zil ass et souwisou, dem Publikum weiderhi Spaass beim Kucken ze bidden an hiren Interessi un der Opdeckung vum Fall oprechtzeerhalen. No der internationaler Unerkennung fir déi éischt

Staffel hoffen déi Bedeelegt och dës Kéier, och am Ausland ze begeeshteren, vläch souguer u physeschen Evenementer deelzehuelen an direkt mam Publikum kommunizéieren an diskutéieren ze kënnen.

*Quell: Text vum Shari Pleimelding op [www.moi.lu](http://www.moi.lu) vum 25/01/2021, gekierzt a verbessert.*


### 3. Liest d'Aussoen a markéiert am Text, wou een dës Informatiounen fënnt. Notéiert och d'Reiefolleg vun den Aussoen vun 1 bis 9.

- Vill Leit wollten, datt d'Serie och Ënnertiteln op Lëtzebuergesch krit, fir datt si d'Geschicht besser verstoe kéinten.
- Obwuel si net vill finanziell Hëllef krut, huet d'Ekipp weidergemaach a gouf mam Erfolg vun der Serie belount.
- Et war net einfach, Sponsoren ze fannen.
- Den Asperger-Syndrom verursaacht beim W eng Stéierung vum Gediechtnes, eng staark Sensibilitéit a Problemer, wat sozial Kontakter ugeet.
- D'W wëll onbedéngt erausfannen, wat geschitt ass.
- D'Iddi vun der Geschicht gouf et scho laang, éier déi éischt Staffel erauskoum.
- D'Ekipp war sech net sécher, ob de Projet vun enger Web-Serie géif fonctionéieren.
- D'Ekipp hofft, datt déi zweet Staffel grad esou ee Succès gétt wéi déi éischt.
- An der Webserie W geet et ëm eng Fra, déi sech un näscht méi erënnere kann.

4. Sicht nach weider Informatiounen iwwert d'Webserie W a schreift se an de Padlet, deen d'Léierpersoun fir Iech preparéiert huet.

Informatioun fir d'Léierpersoun:

Gitt op [www.padlet.com](http://www.padlet.com) a kreéiert e Padlet no dësem Modell:



SA\_Filmkritik

Folleg (f)	
verëffentlechen	
Erënnerung (f)	
Ueschëllegung (f)	
e Fall opdecken	
beweisen	
entféieren	
op eppes zeréckféieren	
schëlleg	
beim Ufank usetzen	
eppes ëmsetzen	
Bauchgefill (n)	
Ënnerstëtzung (f)	
op zouen Diere stoussen	
engem Steng an d'Féiss leeën	
ee vun eppes ofhalen	
eppes ervirhiewen	
Ënnertitelen (pl)	
den Interessi oprechterhalen	



2. Liest den Artikel iwwert d'Webserie W an notéiert eng Iwwerschrëft fir all Abschnitt.

Zum Beispill:

1. Abschnitt: D'Handlung vun der Webserie W
2. Abschnitt: Den Ufank/D'Konzept
3. Abschnitt: Déi zweet Staffel
4. Abschnitt: Zil an Hoffnung

3. Liest d'Aussoen a markéiert am Text, wou een dës Informatiounen fënnt. Notéiert och d'Reiefolleg vun den Aussoen vun 1 bis 9.

1. An der Webserie W geet et ëm eng Fra, déi sech un näischt méi erënnere kann.
2. D'W wëll onbedéngt erausfannen, wat geschitt ass.
3. Den Asperger-Syndrom verursaacht beim W eng Stéierung vum Gedächtnes, eng staark Sensibilitéit a Problemer, wat sozial Kontakter ugeet.
4. D'Iddi vun der Geschicht gouf et scho laang, éier déi éischt Staffel erauskoum.
5. D'Ekipp war sech net sécher, ob de Projet vun enger Web-Serie géif fonctionéieren.
6. Et war net einfach, Sponsoren ze fannen.
7. Obwuel si net vill Hëllef krut, huet d'Ekipp weidergemaach a gouf mam Erfolleg vun der Serie belount.
8. Vill Leit wollten, dass d'Serie och Ënnertitelen op Lëtzebuergesch krit, fir dass si d'Geschicht besser verstoe kéinten.
9. D'Ekipp hofft, dass déi zweet Staffel grad esou ee Succès gëtt wéi déi éischt.

1

Erënnert Dir Iech nach? Et si 6 kuerz Follge vu jeeeweils 10 Minutten. Si goufen op Facebook, Instagram a YouTube verëffentlecht an erzielen d'Geschicht vun enger Fra, déi unni Erënnerung am Bësch erwächt. D'Police reprochéiert hir eng ongeheierlech kriminell Dot, ma si weess guer näischt méi vun hirem Liewen. Esou decidéiert si, sech ganz simpel W ze nennen, an alles dorunnerzesetzen, de Fall opzedecken.

2

Elo gëllt et de Beamten ze beweisen, dass si net hir Kanner entfouert huet. Genee dat ass net esou einfach. D'W leit nämlech och un Hypermnesie an Hypersensibilitéit, huet Schwierigkeeten am soziale Beräich, wat op hir autistesche Entwécklungsstéierung, den Asperger-Syndrom, zeréckzeféieren ass.

3

Nodeems d'Webserie W mat engem sougenannte Cliffhanger opgehale huet, probéiert d'Protagonistin, hir Famill erëmzefannen an de Schëllegen ze fänken.

Am Interview mat Six Letters huet d'Ekipp ganz beim Ufank ugesat. Eier et iwwerhaapt zur éischter Staffel koum, huet d'Iddi vun der Geschicht dem Lëtzebuurger Zenarist Frédéric Zeimet scho méi laang am Kapp ronderëmgedant. Mee a wéi enger Form sollt een déi komplex Handlung ëmsetzen?

4

D'Leit verbréngen ëmmer méi Zäit virum Handy a Computer, och d'Streamingdëngschter sinn zu Lëtzebuerg ukomm, an awer gëtt et just wéineg Lëtzebuurger Fiktiounsserien um Fernsee oder um Web. Wéisou also net eng Webserie lancéieren? „Mir waren eis iwwerhaapt net sécher, et war ee Bauchgefill a mir haten d'Gefill, dass mir et wéinstens sollte probéieren.“

5

Trotz finanzieller Ënnerstëtzung vum Film Fund war de Budget kleng. Op der Sich no Sponsoren ass d'Ekipp leider nëmmen op zouen Diere gestouss. Schliisslech konnt kee vu baussen sech eppes ënnert enger Webserie virstellen.

6

Steng an d'Féiss geluecht ze kréien, huet déi Bedeelegt awer net dovunner ofgehale, hire Wee ze goen. Dëse war duerch déi geréng Hëllef zwar mat méi Stress verbonnen, an awer huet de Succès beim Publikum an op diverse Festivalen all Méi belount.

7

Och bei der zweeter Staffel wäerten déi kuerz Follgen op Facebook, Instagram a YouTube verëffentlecht ginn. Et bleift bei der Lëtzebuurger Sprooch. Ma déi soll awer nach méi ervirgehewe ginn. No der grousser Demande sollen, nieft franséischen an engleschen Ënnergittelen, och lëtzebuergesch Ënnergittelen bäigefüügt ginn. Dat hu sech besonnesch déi Leit gewünscht, déi grad eis Sprooch léieren an duerch zousätzlechen Text d'Geschicht besser verstoe kënnen. Vlächicht ass déi Initiativ jo och mat internationalem Interessi un der Sprooch verbonnen.

8

Des Weidere soll Material vun hannert de Kulisse verëffentlecht ginn. Eng u sech scho spannend Geschicht ka mat dësem „Behind the scenes“ ëmsou méi lieweg gestalt ginn.

[...]

Dat grousst Zil ass et souwisou, dem Publikum weiderhi Spaass beim Kucken ze bidden an hiren Interessi un der Opdeckung vum Fall oprechtzeerhalen. No der internationaler Unerkennung fir déi éischt Staffel hoffen déi Bedeelegt och dës Kéier, och am Ausland ze begeeschten, vlächicht souguer u physischen Evenementer deelzehuelen an direkt mam Publikum kommunizéieren an diskutéieren ze kënnen.

9

# Exposé iwwert en Theaterstéck

1. Sicht Iech zu zwee am Programm en Theaterstéck eraus, dat Iech interesséiert.  
 Informéiert Iech zum Beispill hei:  
<https://www.theater.lu/grand-public/a-propos/>  
<https://www.theater.lu/grand-public/programme/>

## 2. Presentéiert Är Auswiel an der Klass. Benotzt dofir dës Riedmëttelen:

Mir hunn eis fir d'Theaterstéck ... decidéiert.  
 Dat Stéck gëtt am Theater ... opgefëiert.  
 Et gëtt um ... Auer gespillt.  
 D'Stéck leeft nach bis den ...  
 Mir hunn dat Stéck gewielt, well ...  
 An dësem Stéck geet et ëm ...  
 Eis interesséiert virun allem ...

3. Sicht Iech fir e perséinlechen Exposé an der Klass e Stéck eraus, dat Dir dann an den Theater kucke gitt. Bereet Ären Theaterbesuch esou vir, datt Dir d'Stéck virun der Klass presentéiere kënnt.

## 4. Orientéiert Iech fir Är Presentatioun um Opbau an un de Riedmëttelen hei drënner.

<b>Titel</b> Wielt e passenden Titel.	Zum Beispill: Mäin éischten Theaterbesuch zu Lëtzebuerg.  Eng kulturell Sortie an den Theater.
<b>Aleedung</b> Erkläert an der Aleedung, wat fir e Stéck Dir a wéi een Theater kucke waart.  Gitt och eng kuerz Beschreibung vum Theater.	Mat mengem kuerzen Exposé géif ech Iech gär ... virstellen. Dat gouf (+Datum) (+Plaz) opgefouert. Den Theater ass (+Plaz). Ech hunn dat gewielt, well ...
<b>Generell Beschreibung</b> Gitt hei generell Informatiounen an eng ganz kuerz Beschreibung vum Inhalt vum Stéck.	D'Stéck heescht ... an ass eng Kreatioun / eng Adaptatioun / ... vun ... Den Auteur heescht ... an d'Trupp, déi gespillt huet, ass ... Et war e Stéck mat ... Schauspiller. Am Stéck geet et ëm ...

<p><b>Detailléiert Beschriewung</b></p> <p>Beschreift e puer Aspekter am Detail.</p> <p>Beschreift och d'Reaktioun vum Publikum</p>	<p>Wat mer ganz speziell gefall huet war, ... (de Sall / d'Bün / d'Belichtung / d'Mise en scène / d'Kostümer / ...)</p> <p>Déi schauspilleresch Leeschtung vun ... war ...</p> <p>Ech war iwwerrascht iwwer ...</p> <p>Besonnesch beandrockt war ech vun ...</p> <p>Wat mer guer net gefall huet, war ...</p> <p>D'Publikum war ... Den Applaus war ...</p> <p>Et gouf ...</p>
<p><b>Schluss</b></p>	<p>Zum Schluss wëll ech soen, datt ...</p> <p>Merci fir Är Opmierksamkeet.</p> <p>Hutt Dir nach Froen?</p>

# Presentatioun vun enger interessanter Perséinlechkeet aus der Lëtzebuenger Film- oder Theaterbranche

*Uweisung fir d'Léierpersoun:*

*D'Léierpersoun presentéiert d'Schauspillerin Vicky Krieps mathëllef vun dësem preparéierten Text an hirer Klass. Dës Presentatioun déngt den Apprenanten als Modell.*

E Beispilltext: D'Vicky Krieps

Quellen:

<https://vickykrieps.com>, [https://lb.wikipedia.org/wiki/Vicky\\_Krieps](https://lb.wikipedia.org/wiki/Vicky_Krieps),

<https://www.imdb.com/name/nm3043279/>

Ech erzielen Iech haut eppes iwwert d'Vicky Krieps, eng lëtzebuergesch Schauspillerin. Ech deelen Iech fir d'éischt e puer generell Informatiounen iwwert si mat an duerno ginn ech op hir Carrière als Schauspillerin an.

[Foto vum Vicky Krieps weisen]

Hei gesitt Der eng Foto vum Vicky Krieps. Si ass d'Duechter vun enger däitsch-lëtzebuergescher Koppel an ass 1983 zu Lëtzebuerg gebuer. Si ass d'Enkelin vum bekannte Lëtzebuenger Politiker Robert Krieps. Haut wunnt a schafft si zu Berlin. Si ass mat engem däitsche Schauspiller bestuet an huet zwee Kanner.

D'Vicky Krieps hat hir éischt Erfarunge mat der Schauspillerei am Lycée an huet als Jugendlech och schon am Conservatoire Theaterkurs geholl. Vläch war si scho fréi un där Branche interesséiert, well hire Papp am Filmgeschäft tätég war. Nom Lycée ass si awer fir d'éischt ee Joer a Südafrika gaangen, fir bei engem soziale Projet ze hëllefen, éier si ugefaangen huet, zu Zürich an enger Konschthéichschoul ze studéieren. Praktesch Erfarunge konnt si do am Theater Schauspielhaus sammeln, wou si vun 2006 bis 2008 engagéiert war.

No e puer kleng Rollen a verschiddene Filmer a Serien hat si hir éischt gréisser Filmroll am Joer 2011 am däitsche Film „Wer wenn nicht wir“.

An der Tëschenzäit huet si an enger Hellewull Filmer matgespillt an dat esouwuel a lëtzebuergesche wéi och an däitschen, franséischen, belschen, éisträicheschen an amerikanesche Produktiounen. [D'Säit vum Vicky Krieps op <https://www.imdb.com> weisen]

Ech picken elo just déi a mengen Aen interessantst Produktiounen eraus, fir Iech d'Aarbecht vun der Schauspillerin ze presentéieren.

Hir éischt Haaptroll an engem Kinosfilm krut si 2014 am däitsche Film „Das Zimmermädchen Lynn“. Fir dës Roll krut si de Präis als bescht Nowuessschauspillerin an Däitschland. Mir kucken elo zesammen den Trailer vun deem Film. [Trailer The Chambermaid Lynn weisen]

Grouss Opmierksamkeet krut hir Performance am amerikanesche Film „Phantom Thread“, wou si déi weiblech Haaptroll nieft dem bekannte Schauspiller Daniel Day Lewis gspillt huet. Hei ass den Trailer vun deem Film. [Trailer Phantom Thread weisen]

Fir dës Roll krut si vill Luef an och vill Nominatioune fir Präisser an Amerika, wéi Dir an dëser Lëscht kënt gesinn. [D'Lëscht vun den Nominatiounen op <https://www.imdb.com> weisen]

2017 huet si am lëtzebuergesch-däitsch-belsche Spillfilm „Gutland“ matgespillt. Dee Film gouf 2018 mam Lëtzebuurger Filmpräis fir de beschte Fiktiouns- oder Spillfilm ausgezeechent an d'Vicky Krieps krut de Präis fir déi bescht kënschtlersch Leeschtung.

2018 hat si an der däitscher Serie „Das Boot“ eng Haaptroll. Fir dës Roll krut si 2019 den Däitsche Fernsehpräis an direkt zwee Präisser op engem internationale Festival zu Monte-Carlo.

2021 sinn direkt siwe (!) Filmer erauskomm, an deenen d'Vicky Krieps eng wichteg Roll hat. An den zwee grouse Filmer „Bergman Island“ an „Old“ huet si eng Haaptroll a spillt un der Säit vun international bekannte Schauspiller. [Trailer Bergman Island weisen an / oder Trailer Old weisen] Fir hir Roll a „Serre-moi fort“ gouf si esouguer fir de César nominéiert.

An elo ganz rezent huet d'Vicky Krieps fir hir Prestatioun als Keeserin Elisabeth am Film „Corsage“ vum Marie Kreutzer de „Prix de la meilleure performance“ gewonnen.

Domat ass meng Presentatioun vun dëser lëtzebuergescher Schauspillerin fäerdeg. Ech hoffen, dee klengen Abléck an hir Aarbecht an an hir Carrière huet Iech gefall.

*1. Lauschtert d'Presentatioun vun Ärer Léierpersoun iwwert d'Schauspillerin Vicky Krieps an notéiert Stéchwierder zu deene verschiddene Punkten.*

generell Informatiounen zu der Persoun	
Studium / Ufank vun der Carrière	
Filmer / Produktiounen zu Lëtzebuerg	
Filmer / Produktiounen am Ausland	
wichtig Momenter / Präisser / Auszeechnungen	

*2. Dokumentéiert d'Aarbecht vun enger Lëtzebuerger Perséinlechkeet aus der Theater- oder Filmbranche a maacht eng Presentatioun an der Klass. Orientéiert Iech un der Presentatioun vun Ärer Léierpersoun. Illustréiert d'Informatiounen aus Ärer Presentatioun mat audio-visuelle Supporten.*

*Kuckt e lëtzebuergesche Film oder eng lëtzebuergesch Serie a sammelt weider Informatiounen (z. B. iwwert de Regisseur/d'Regisseurin, d'Dréiaarbechten, d'Schauspiller ...) dozou. Schreift duerno eng perséinlech Kritik vum Film oder der Serie. Schreift ongeféier 500 Wierder.*

Orientéiert Iech un dësem Opbau:

## 1. Aleedung

Ech hunn de Film / d'Serie ... vun dem/der (+ Auteur/Autorin, Regisseur/Regisseurin, Produzent/Produzentin) gekuckt.

De Film / D'Serie gouf zu ... gedréit.

D'Dréiaarbechten hunn ... gedauert.

D'Serie huet fir de Moment ... Staffelen an ... Episoden.

Déi finanziell Ënnerstëtzung war ...

Zu de Schauspiller kann ee soen, datt ...

## 2. D'Handlung

Den Titel vum Film / vun der Serie weist op ... hin.

Et kann een dëse Film / dës Serie dem Genre ... zouuerdnen.

De Film / D'Serie spillt ... (+Epoch), ... (+Plaz)

D'Hauptpersonnagë sinn ...

Am Film / An der Serie gëtt d'Geschicht vun ... erzielt.

Et geet ëm ...

Et ginn divers Theemen ugeschwat, wéi zum Beispill ...

## 3. Perséinlech Appreciatioun

Mäin éischten Androck vum Film / vun der Serie war ...

Mir perséinlech huet dëse Film / dës Serie (net) gefall, well ...

D'Handlung ass menger Meenung no ...

Déi schauspilleresch Leeschtung ass ...

Wat d'Sprooch betrëfft, ...

Zu de Kostümer kann ee soen, datt ...

D'Kameraféierung an d'Spezialeffekter hunn ech ... fonnt.

Am grouse Ganzen ...



# Edmond de la Fontaine genannt Dicks (1823-1891)



Quell: Den Edmond de la Fontaine (Dicks) (1823-1891) an der Zäit, wou en zu Réimech gelieft huet, Wikimedia Commons.

1. D'Zäitschrëft forum huet en Interview mat der Madamm Germaine Goetzinger, fréier Direktesch vum Lëtzebuenger Literaturarchiv zu Miersch, iwwert de Lëtzebuenger Schrëftsteller Edmond de la Fontaine geféiert. Liest fir d'éischt dës eenzel Sätz aus dem Interview. Wat kann een doraus aus dem Personnage Dicks an aus sengen Theaterstécker schléissen? Diskutéiert doriwwer am klengen Grupp.

Et sinn Texter, déi sozial-historesch vun enger grousser Relevanz sinn a virun allem als solch interessant.

Den Dicks ass deen, dee fir d'éischt Theaterstécker an der lëtzebuergescher Sprooch op d'Bün bruecht a publizéiert huet.

Dem Dicks seng Lidder waren immens populär.

[...] eigentlech eng ganz modern Form vun Theater.

[...] datt all d'Rolle vu Männer gespillt goufen. [...] dat hat mat de Moralvirstellungen ze dinn.

[...] datt den Dicks e gudde Beobachter vun der Gesellschaft war.

Da mécht den Dicks och de Geck mat de Franséischsproochegen, mat der Roll, déi d'Franséisch hei zu Lëtzebuerg spillt [...]

Den Dicks beobacht a beschreift de Leit hir Schwächen.

[Am Stéck *Scholdschäin* weist] den Dicks, wéi staark d'Geld dat perséinlecht Liewe vun de Leit beaflosst oder an eng falsch Richtung drängt [...]

Déi meescht Bünen doe sech allerdéngs schwéier, sech un den Dicks erunzewoen oder si wëllen onbedéngt moderniséieren bzw. aktualiséieren.

2. Liest elo en *Extrait* vum Interview. *Sicht d'Plazen, wou déi eenzel Sätz vun hei uewen driwwer stinn a kuckt, wéi d'Madame Goetzinger dës Iddien nach weider developéiert huet.*

## En Interview mat der Madame Germaine Goetzinger, Direktesch vum Literaturarchiv zu Miersch

*forum: Madame Goetzinger, wat mécht haut fir de Lieser nach de Reiz vum Dicks aus? Wat kann een nach aus sengen Texter schöpfen?*

Germaine Goetzinger: Schöpfen ass e groust Wuert. Dem Dicks seng Texter – wa mer elo seng Theaterstécker huelen, well hien huet jo och ganz dréchen Texter geschriwwen – si lëschteng souwuel deemools wéi haut. Dat ass ee vun de Reizer, déi vum Dicks sengem Theater ausginn. Si weisen awer och eng Kontrastfolie zu deem, wéi et haut ass. Dat heescht, et kann ee sech z. B. d'Entwécklung am Geschlechterverhältnis ukucken, wéi et deemools op d'Bühn bruecht ginn ass, wat jo e Reflet vun der Wierklechkeet vun deemools wor, a wéi dat sech haut entwéckelt huet. Et sinn also Texter, déi sozial-historesch vun enger grousser Relevanz sinn a virun allem als solch interessant.

*Ganz allgemeng gefrot: Wat fir eng Relevanz hunn dem Dicks seng Wierker fir déi lëtzebuergesch Literaturgeschichte?*

G. G.: Den Dicks ass deen, dee fir d'éischt Theaterstécker an der lëtzebuergescher Sprooch op d'Bühn bruecht a publizéiert huet. Dat war bis dohinner net de Fall. Allgemeng waren nach net vill Texter op Lëtzebuergesch publizéiert ginn. Och dem Dicks seng Lidder waren immens populär. Hie war eigentlech als Komponist oder Liddermécher bekannt, ier hien sech als Theaterauteur e Numm gemach huet. Dat ass schon e grouse Schrëtt Richtung Nationalliteratur, wann een

dëse Begrëff wëll gebrauchen. Datt elo Texter op lëtzebuergesch op d'Bühn bruecht goufen an eng grouss Resonanz fonnt hunn, mierkt een och un den Zeitungskritiken vun där Zäit. De Philippe

---

**Mir wollten net higoen an den Dicks weiderhin op e Sockel stellen, ehrfürchtég virun him nidderknéien, mä wierklech probéieren, sachlech de Personnage ze erfassen a senger Zäit an a senger Wierkungsgeschicht.**

---

Funck schreiw am *Courrier du Grand-Duché*, hie wär stolz gewiescht an hätt eppes wéi „un véritable petit bonheur national“ gespuert. Och d'*Trier'sche Zeitung* huet sech Gedanke gemach, firwat zu Lëtzebuerg d'Sprooch erhale blouwe, während si och emol eng ganz ähnlech Sprooch haten, déi et awer elo net méi gëtt.

Dee Moment fannen d'Leit sech an hirer Sprooch op der Bühn erëm, an den Dicks léisst zum Schluss vu sengem éischte Stéck, dem *Scholtschein*, d'Maré op de Proscenium goen an direkt zum Public schwätzen – eigentlech eng ganz modern Form vun Theater.

*Huolt ons alt nét ze strëng erduréich. Ze scharefkritizéiert nét*

*Dât äscht Stéck, wât zu Letzeburéich Op onnst Dëitsch opgefert gët. Mè hà' dir fléicht èng Gretz Plesëer – Ewë mir et ze hoffé wo'n – Dan as et nét fir d'lëschte Këer, Das mir iech gudden Owent so'n.*

Et ass eng schéi Kommunikatioun mam Public; et besteet e Konsens, datt d'Leit och gären Texter op lëtzebuergesch op der Bühn hätten. Wat se bis dohinner gebuede kritt hunn, waren éischter ganz moer Stécker vu Wanderbühnen.

*Et ass och schued, datt deemools nach keng Fraen duerften Theater a Lëtzebuerg Veräiner spillen.*

G. G.: Natierlech ass dat schued. Di meescht Leit wëssen net, datt all d'Rolle vu Männer gespilt goufen. Den Dicks selwer, dat ass beluecht, wär frou gewiescht, wann d'gesellschaftlech Konventiounen Lëtzebuerg Fraen op der Bühn zougelooss hätten. Hien huet dat net méi erlieft, oder net méi bewosst. Et existéiert awer eng Theaterkritik iwuer *Den Här an d'Madame Tullepant* 1886 zu Dikrech, wou Frae musse matgespillt hunn, well de Rezensent schreift, de jonke Männer wär quasi d'Häerz am Leif geplätzt, wou se déi schéi Sporanstëmm op der Bühn héieren hätten. Eréischt wou den Dicks dout war, huet d'*Union dramatique* fir d'éischt Fraen op d'Bühn geholl. Just déi auslännesch Wanderbühnen hate bos dohinn Fraen derbei. D'Lëtzebuergesche Theaterveräiner hunn et net gewot, dat hat mat de Moralvirstellungen ze dinn. Eng Schauspillerin ass deemools als net

Quell: forum, Dezember 2009, S.17 ff, gekierzt. De ganzen Artikel fënnt een hei:  
[https://www.forum.lu/wp-content/uploads/2015/11/6709\\_292\\_Goetzinger.pdf](https://www.forum.lu/wp-content/uploads/2015/11/6709_292_Goetzinger.pdf)

ganz moralesch oder als liichtlieweg ugesi ginn.

*Dir sot op RTL, datt den Dicks e gudder Beobachter vun der Gesellschaft war. Wéi kann een dat u senge Wierker festmaachen?*

G. G.: U senge Charakterzeechnunge vun de Leit, déi hien op d'Bühn bréngt. Intressant beim Dicks sengen Theaterstécker ass, datt et zweeërlee Personnage gëtt. Déi eng hunn Nimm, déi scho gewässermoossen op hire Charakter hindeiten: de Papschossel, oder den Hexentommes, de Sprochmates. Hie gëtt ëmmer de Sprochmates genannt, nee, et ass de Sprochmates, well e permanent a Spréchwierder schwätzt. Déi sympathesch, oft jonk Personagen hunn normal Nimm. Da mécht den Dicks och de Geck mat de Franséischsproochegen, mat der Roll, déi d'Franséisch hei zu Lëtzebuerg spillt, datt d'Leit sech gewässermoosse franséisch Sazriben uneegenen, fir sech selwer opzewäerten.

Den Dicks beobacht a beschreift de Leit hier Schwächen. Hien entlarvt an *Op der Juocht*, wéi déi fein Hären aus der Stad sech opféieren, wann se um Land op d'Juegd ginn. Da weist en, wéi Mariage geschloss ginn, wéi d'Leit net zréckschrecken, fir aus Berechnung iergend e Mariage anzegoen, fir u Geld oder Terrainen ze kommen. An där Hisücht ass den Dicks een, deen eigentlech op d'Recht vun de jonke Leit op sexuell Erfüllung an op de Choix vun hire Partenairen hiweist, wat déi Zäit absolut net selbstverständlech war.

*Wat fir e Kaméidistéck vum Dicks gefällt Iech am beschten a firwat giff Dir dëst de Lieser recommandéieren?*

G. G.: Ech fannen dat éischt Stéck *Scholt-schein* ganz flott an ofgeronnt. Fir mech ass et interessant, well do e.a. de Mariage thematiséiert gëtt, well den Dicks weist, wéi staark d'Geld dat perséinlecht Liewe vun de Leit beaflosst oder an eng falsch Richtung drängt, well et en Theaterstéck ass, dat sech flott op der Bühn presentéiert, well een e Personnage wéi de Papschossel huet, iwwert déi ee gutt ka laachen. Dat ass jo eng vum Dicks sengen Techniken, datt ee ka schadenfroh sinn, wann z.B. de geckegen ale Freier entlarvt gëtt, well hie mengt, hie kéint sech nach e jonkt Dickelchen erunzéien. Di meescht Bühnen doen sech allerdéngs schwéier, sech un den Dicks erunzewoen oder si wëllen onbedengt moderniséieren bzw. aktualiséieren. Et gëtt awer nach eng Theatertrupp, déi vill Dicks opféiert: de Weeltzer Gesang. Déi hu wierklech eng Traditioun vum Dickstheater. Dëst Joer stong *Den Här an d'Madam Tullepant* um Programm. Sie bidden zum Ofschloss vun der Ausstellung, de 27. an den 28. Mäerz en traditionellen Dicks-Programm, op deen ech Iech haut schon alueden.

*Villmools Merci fir dëst Gespréich. ♦*

*(17.11.2009/KF/LH)*

Quell: forum, Dezember 2009, S.17 ff, gekierzt. De ganzen Artikel fënnt een hei:  
[https://www.forum.lu/wp-content/uploads/2015/11/6709\\_292\\_Goetzing.pdf](https://www.forum.lu/wp-content/uploads/2015/11/6709_292_Goetzing.pdf)

3. Liest den Text iwwert dem Dicks an notéiert dräi Informatiounen, déi Dir interessant fannt. Diskutéiert duerno doriwwer mat Ärem Noper oder Ärer Nopesch.

Den Edmond de la Fontaine oder Dicks, nieft dem Michel Rodange an dem Michel Lentz ee vun de grouse Lëtzebuenger Nationaldichter, ass als Begrënner vum Lëtzebuenger Theater an d'Literaturgeschicht agaangen. Säin éischt Stéck, *De Scholdschäin*, dat 1855 am Cercle op der Plëss uropgeféiert gouf, hat enorme Succès. Seng Première gëllt als Gebuertsstonn vum Lëtzebuenger Theater. Säi bekanntst Stéck ass *D'Mumm Séis*, dat och 1855 uropgeféiert gouf. Den Dicks selwer huet et op Däitsch iwwersat. Et handelt sech ëm e Koméidistéck an engem Akt, mat Gesank. Besonnesch bekannt sinn d'Lidder *Ech sinn de groussen Hexemeeschter* an *Et wor eemol e Kanonéier*, déi den Dicks selwer komponéiert huet an déi zu richtege Volleklidder gi sinn.

1. ....
2. ....
3. ....



4. *Sicht a lauschtert d'Lidder De groussen Hexemeeschter an Et wor eemol e Kanonéier*




5. *Liest elo de Resumé vum Dicks sengem Theaterstéck „D'Mumm Séis“. Kuckt d'Illustratioun a completéiert se mat den Nimm vun de Personnagen aus dem Stéck.*

An der *Mumm Séis* geet et ëm d'Séis, eng Wäschfra, an hir Niess, d'Kättéi. D'Kättéi ass an de Péiter verléift. Allerdéngs wëllt der Mumm Séis hiren Noper, de Sprochmates, datt säi Jong sech mam Kättéi bestit. Den Hexentommes huet et op der Mumm Séis hiert Verméigen ofgesinn a géif dofir gär d'Séis bestueden. Den Hexentommes an de Sprochmates dinn sech elo zesummen, fir hir Ziler ze erreechen. Den Hexentommes spillt dem Kanonéier Gottlieb Hurra, enger fréierer Léift vum Séis, säi Geesch, fir dem Séis Angscht ze maachen. Duerno wëllt hien als Retter virun deem vermeintleche Geesch optrieden an esou erreechen, datt d'Séis sech mat him bestit. De Sprochmates kritt awer e schlecht Gewëssen a gött um Enn alles zou. Zu gudder Lescht kann d'Kättéi säi Péiter da bestueden.

D'Mumm Séis vum Dicks



©Collection CNL



## 6. Liest a lauschtert déi éischt Säite vum Theaterstéck.



## D'MUMM SÉIS ODER DE GEESCHT

*Koméidistéck an engem Akt*  
Text a Musek vum Dicks

### PERSOUNEN

D'MUMM SÉIS, eng Wäschesch.  
D'KÄTTÉI, der Mumm Séis hir Niess.  
DE PÉITER, dem Kättéi säi Freier.  
DE SPROCHMATES.  
DEN HEXENTOMMES.  
D'NOPERSCHAFT.

D'Saach dréit sech zou a Clausen, am Joer 1750.

De Koméidi stellt d'Stuff vun enger Wäschesch vir. Am Fong eng Dier, déi an e Gank féiert. Lénks eng Niewendier. Zweek Kéiskierf, en eidelen an een, wou gewäscht Gezei dran ass, zweek Dëscher, e puer Still, e Kamäin oder eng Kréibänk, op där Tasen, Gubbelien etc. stinn.

### 1. OPTRÉTT

D'KÄTTÉI, DE SPROCHMATES, DEN HEXENTOMMES.

(D'Kättéi sëtzt op engem Stull ze strécken; déi aner zweek kommen eran.)

DE SPROCHMATES      Wéi ass 't, Kättéi, mäi Schatz? Ass d'Mumm Séis doheem?

D'KÄTTÉI (am      Verzeit mer, neen, s'ass um Buer. Soll ech se ruffe goen?  
Opstoem)

DE SPROCHMATES      Du hues méi jonk Been ewéi den Tommes an ech; laf, mäin Engel!

(D'Kättéi geet, de Mates an den Tommes kucken em no.)

Koméidistéck (n) = Theaterstéck (n)  
Kréibänk (f) = Regal (n)  
Gubbeli (m) = Becher (m) (vu fr. gobelet)  
iewel, ower = awer  
Mouk (f) = gespuerte Suen  
Zerjant (m) = Sergeant (m)

## 2. OPTRËTT

## DE SPROCHMATES, DEN HEXENTOMMES.

- DEN HEXENTOMMES Esou e schéint jonkt Meedchen ass iewel eppes Appétiteches.
- DE SPROCHMATES Exkisi (*Excusez*), seet de Fransous. De Wollef verléiert seng Hoer, iewel seng Naupen net. Denk un d'Mumm Séis!
- DEN HEXENTOMMES 't muss ee wuel. S'ass iewel rosen zeideg.
- DE SPROCHMATES Alles vergeet, ewéi d'Waasserzoppen net.
- DEN HEXENTOMMES Soll se da wierklech net gemierkt hunn, dass ech de Geesch sinn?
- DE SPROCHMATES Kommang (*Comment*)?, seet de Fransous. Dee gréisste Luuss ass de Fuuss, an dee gëtt nach bedrunn.
- DEN HEXENTOMMES Mates, 't muss een iewel och gestoen, déi Saach ass reng gestiicht.
- DE SPROCHMATES Ech wor zu Paräis, an nach ewell zwou Stonnen hanner Paräis, mä ech hunn allzäit fonnt, dass et wouer ass, wéi de Fransous seet: 't ass näischt esou reng gestiicht, 't kënnst un d'Dageslicht.
- DEN HEXENTOMMES A wat läit dann drun, wann et geschitt ass?
- DE SPROCHMATES Enger geschitter Saach ass näischt ofzebruechen; ower, wann een et bedenkt, dann ass e gutt Gewëssen dat bescht Kappkëssen. Ewell, wéi ee sech säi Bett mécht, esou schléift een. Wi, wi (*Oui, oui*) seet de Fransous.
- DEN HEXENTOMMES 't ass nach wuel elo Zäit, vum Gewëssen ze rieden. Wat ass dann un där ganzer Affär? Do ass en aalt tozegt Meedchen, dat heescht Mumm Séis. 't huet eng Mouk, déi kengem Mënschen eppes notzt, an déi ech gutt brauche kéint; 't huet e Gaart, an deem nëmmen Onkraut wüsst, an deem dir zënter zwanzeg Joer de Mond wässereg mécht; 't huet eng schéin Niess, déi sech rosegier bestuede géif, an déi dengem eelste Jong grad senger Saach wär. Ower, d'Mouk wëllt et net ënner d'Leit bréngen, de Gaart net verkafen an d'Niess net koppeléieren. All éierleche Mënsch muss sech jo iwuer esou eppes ophalen. Duerfir sinn ech och bei dech komm, an ech sot der: Mates, weess de wat? Elo zéie mer där Aler eng onschëlleg Grenat. Ech maachen, ewéi wann hiren ale Freier, du weess, den Zerjant Hurra, als Geesch an hirem Haus erëmkéim; als Geesch, deem ech, wuelverstanen, ganz eleng erléise kann. Du bass deem éischte Fanger nom Daum bei der Mumm Séis; se kënnst dech froen, wat ze maache wär, an da sees d'er, keen aneren ewéi ech kéint er hëllef. D'Angscht bréngt se sou wäit, datt se sech mat mer bestuede muss. An ass dat geschitt, dann hunn ech d'Mouk, du kriss de Gaart, an däi Jong d'Niess.

Quell: Dicks/Edmond de la Fontaine: Mumm Séis. Un déi nei Schreifweis ugepasst.

7. Informéiert Iech iwwert de Film *Mumm Sweet Mumm aus dem Joer 1989*. Sicht nach weider Informatiounen iwwert den Dicks an deelt se mat der Klass.





# Literaresch Adaptatioune fir den Theater

## En Interview mam Ian De Toffoli

De Ian De Toffoli ass Auteur, Kritiker, Literaturwëssenschaftler an Editeur. Seng Wierker sinn haaptsächlech op Franséisch, mee och emol op Lëtzebuergesch, Englesch oder anere Sproochen. Nieft Kuerzgeschichten, Romaner an Theaterstécker schreift hien och Adaptatioune vu klassesche Stécker, wéi zum Beispill dem Tschechow seng *Dräi Schwestern* oder d'Märche *Rumpelstilzchen*, déi hien dann an en zäitgenëssesche Kontext setzt. An engem kuerzen Interview geet hien op d'thema vun den Adaptatioune vu literaresche Wierker fir den Theater an.



©Alain Rischard (Fotograf)

1. Liest fir d'éischt d'Synopsis vun den zwee Stécker *Dräi Schwestern* a *Rumpelstilzchen*, iwwert déi de Ian De Toffoli am Interview schwätzt.

Dem Anton Tschechow säi Stéck *Dräi Schwestern* zielt d'Geschicht vun de Geschwëster Prosorow, dem Olga, dem Irina an dem Mascha, déi vun engem bessere Liewen dreemen, mee et net fäerdebréngen, sech selwer aus hirer Onloscht a Liewensmiddegkeet erauszerappen. Deen Zoustand – sou ass d'Stéck oft interpretéiert ginn – steet paradigmatesch fir den Zoustand vu Middegkeet vun der deemoleger russescher Intelligenzia, um Ufank vum 20. Joerhonnert, kuerz virun der Revolutioun. Well obwuel déi dräi Schwestern gebilt sinn an aus enger gudder Famill kommen, där et un näischt feelt, komme si net aus engem festgefruerene „Waarden op eppes Besseres“ eraus.

Den Tschechow huet an sengem Stéck e Portrait vun enger paralysierter Gesellschaftsschicht gezechent, déi, obwuel se a materieller Sécherheet ass, net nëmmen onfäeg ass, sech selwer ze verwierklechen, mee och onfäeg, der Gesellschaft an iergendenger Form nätzlech ze sinn oder nei Impulser ze ginn.



©Pitt Simon (Fotograf) / Kasemattentheater


Quell: Gekierzt an ugepasst Versioun vum Originaltext op der Säit vum Kasemattentheater <https://www.kasemattentheater.lu/online/www/content/archive/programm/DEU/2491.html>

Am Märche *Rumpelstilzchen* vun de Gebrüder Grimm geet et ëm e Mëller, seng Duechter, e Kinnek an de Rumpelstilzchen. De Mëller hat beim Kinnek getéint, datt seng Duechter aus Stréi Gold kéint spannen. Dat wollt de Kinnek gesinn, hien huet d'Meedchen agespaart a vun him verlaangt, iwwe Nuecht eng ganz Kummer voll Stréi a Gold ze verwandelen, soss misst hatt stierwen. Hatt konnt dat awer net a war ganz verzweifelt. An der Nuecht koum dunn e Männchen bei hatt eran, deen him Hëllef konnt. Hatt huet him seng Kette ginn an hien huet d'Stréi all zu Gold gesponnen. De Kinnek war begeeschtert an huet verlaangt, datt d'Meedchen eng weider Nuecht misst Stréi zu Gold spannen. Déi zweet Nuecht krut de Männchen der Mëllersduechter hire gëllene Rank. Ma de Kinnek war gierig an hat ëmmer nach net genuch. Fir déi drëtt Nuecht huet en dem Meedche versprach, hatt ze bestueden, wann hatt och déi Nuecht d'Stréi géif zu Gold spannen. Alt erëm ass de Männchen him zu Hëllef komm, a well hatt him näischt méi konnt ginn, huet hatt him säin éischt Kand versprach.

D'Stréi war all bis moies zu Gold ginn an d'Mëllersduechter ass Kinnigin ginn. No engem Joer gouf hiert éischt Kand gebuer. Et huet net laang gedauert, an de Männchen ass opgedaucht, fir der Kinnigin hiert Versprieche anzéisen. Déi wollt awer näischt méi dovu wëssen. Si huet gejeimert a gebiedelt, fir hiert Kand däerfen ze behalen. De Männchen hat Matleed mat hir, an hie sot, wa si bannent dräi Deeg erausfanne géif, wéi hien heescht, da kéint si hiert Kand behalen. Si huet ee Buet erausgeschéckt, fir erauszefannen, wien dee Männchen ass a wéi hien heescht. No zwee Deeg ouni Erfolleg konnt de Buet hir den drëttan Dag erzielen, hien hätt e Männchen am Bësch gesinn, dee ronderëm e Feier gedantz wier a gesongen hätt:

„Et weess kee Mënsch am ganze Land, datt ech Rumpelstilzche gi genannt.“

Wéi de Männchen nom drëttan Dag nees bei d'Kinnigin koum, huet si him deen Numm genannt. Dorpshin huet hie sech vu Roserei selwer an zwou Hallschente gerappt.



© Sven Becker / Les Théâtres de la Ville de Luxembourg

# En Interview mam Ian De Toffoli.

2. Liest déi véier Froen, déi de Ian De Toffoli am Interview gestallt kritt huet, a lauschtert déi véier Deeler vum Interview zweemol. Notéiert déi wichtegst Informatiounen aus den Äntwerten.



Fro 1: Wat fir eng Roll spillt fir hien d'Sprooch a senge Stécker? Wéi decidéiert hien, a wat fir enger Sprooch hie bestëmmt Stécker schreift?

.....

.....

.....

.....

Fro 2: Wat stécht hannert der Iddi, sou Klassiker wéi *Dräi Schwëstere* oder *Rumpelstilzchen* op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen an opzeféieren?

.....

.....

.....

.....

Fro 3: Wat sinn d'Schwieregkeete vun esou Iwwersetzungen? Et si jo net just Iwwersetzungen, mee Adaptatiounen. A wat fir enge Punkte bleift hien dem Original trei a wou ännert oder adaptéiert hien?

.....

.....

.....

.....

Fro 4: Mécht hien och reng Iwwersetzungen, ouni Adaptatiounen?

.....

.....

.....

.....

3. *Lauschtert elo den Interview nach eng Kéier ganz. Completéiert Är Notizen. Schafft duerno zu zwee a vergläicht Är Stéchwierder an Notizen.*



4. *Maacht e Resumé vun den Haaptiddien an Aussoen aus dem Interview. Orientéiert Iech dofir un dëse Sazufäng a completéiert se unhand vun Äre gemeinsamen Notizen. Schafft zu zwee.*

Am Interview mam Ian De Toffoli geet et haaptsächlech ëm ...

Hien erkläert, datt ...

Wat d'Zil vun esou Adaptatiounen ass, weist hien um Beispill vun ...

Hie weist drop hin, datt eng Schwiereregkeet kann dora bestoen, datt ...

Zum Schluss betount hien, datt ...

2. Liest déi véier Froen, déi de Ian De Toffoli am Interview gestallt kritt huet, a lauschtert déi véier Deeler vum Interview zweemol. Notéiert déi wichtegst Informatiounen aus den Äntwerten.



Fro 1: Wat fir eng Roll spillt fir hien d'Sprooch a senge Stécker? Wéi decidéiert hien, a wat fir enger Sprooch hie bestëmmt Stécker schreift?

- de Public (bei Schoukanner aus lëtzebuergesche Schoule muss et z. B. op Lëtzebuergesch sinn)
- den Uert, wou d'Stéck spillt (wann et zu Lëtzebuerg spillt: entweder op Lëtzebuergesch oder an enger anerer Landessprooch oder an all de Sproochen, fir d'Méisproochegkeet ze reflektéieren)
- Bei engem Optrag huet hie kee Choix a muss sech un d'Sprooch halen, déi gefrot ass.

Fro 2: Wat stécht hannert der Iddi, sou Klassiker wéi *Dräi Schwëstere* oder *Rumpelstilzchen* op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen an opzeféieren?

- Hie mécht eng Transpositioun vun där Aktioun, déi an deene Stécker geschitt, an en haitege Kontext.
- Hien ännert de Kontext, d'Zäit, d'Stéck gëtt moderniséiert, an awer bleiwen d'Personnagen an hir Wënsch prinzipiell déi selwecht.

Fro 3: Wat sinn d'Schwieregkeete vun esou Iwwersetzungen? Et si jo net just Iwwersetzungen, mee Adaptatiounen. A wat fir enge Punkte bleift hien dem Original treu a wou ännert oder adaptéiert hien?

- Wann den Originaltext ganz kuerz ass, muss hien en ausbauen an d'Personnagen developpéieren.
- Hien hëlt déi selwecht Personnagen, mee setzt se an eng aner Zäit, a méi e moderne Kontext.

Fro 4: Mécht hien och reng Iwwersetzungen, ouni Adaptatiounen?

- Hie géing gär antik griichesch oder réimesch Texter op Franséisch iwwersetzen. Hie wëll eng méi lieweg, méi sprëtzege, manner rigid Iwwersetzung maachen.

4. *Maacht e Resumé vun den Haaptiddien an Aussoen aus dem Interview. Orientéiert Iech dofir un dëse Sazufäng a completéiert se unhand vun Äre gemeinsamen Notizen. Schafft zu zwee.*

Am Interview mam Ian De Toffoli geet et haaptsächlech ëm Adaptatioune vu klassesche Stécker (Dramen, Mäercher) an ëm wicteg Aspekter, déi domat verbonne sinn, wéi zum Beispill de Choix vun der Sprooch.

De Ian De Toffoli erkläert, datt de Choix vun der Sprooch dacks vum Genre a vum Zilpublikum ofhänkt. Wann et e Märche fir Lëtzebuenger Schoulkanner ass, schreift hien op Lëtzebuergesch, wann et en Theaterstéck fir e erwuessene Public ass, hänkt d'Sprooch vun der Plaz of, wou d'Stéck spillt. Heiansdo kritt hien och en Optrag a muss sech un d'Sprooch halen, déi am Optrag gefrot ass.

Wat d'Zil vun esou Adaptatiounen ass, weist hie virun allem um Beispill vun Dräi Schwëstere. Et geet drëm, dee klasseschen Text an eis Zäit ze setzen, hien nennt dat Transpositioun vun enger Situatioun an eng aner Zäit. Domat moderniséiert hien den Text och a passt en eiser Zäit un.

Hie weist drop hin, datt eng Schwieregkeet kann dora bestoen, datt den Originaltext wéi beim Märche Rumpelstilzchen zum Beispill ganz kuerz ass. Den Auteur vun der Adaptatioun muss dann d'Handlung ausbauen, d'Personnagen entwéckelen, fir datt herno e méi laangen Text entsteet. Bei aneren Adaptatiounen, wéi zum Beispill Dräi Schwëstere, geet et drëm, d'Personnagen an en aneren, méi moderne Kontext ze setzen, ouni awer d'Charakteristike vun de Figuren ze veränneren.

Zum Schluss betount de Ian De Toffoli, datt hien och ganz gär géif reng Iwwersetzunge maachen, an zwar vun antike griicheschen oder réimeschen Texter, fir sou Texter mat méi enger moderner Sprooch nees méi lieweg ze maachen. Sou Iwwersetzunge géif hien dann awer an d'Franséisch maachen.